Stadbriedemes, de 7. Juli 2026

# AVIS AU PUBLIC

## Upassung vun eisem Subsidereglement fir erneierbar Energien

### Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Viru gutt 10 Joer stoung eis Gemeng virun enger klorer politescher Entscheedung: entweder an eng fossil Gas-Infrastruktur investéieren, oder resolut op erneierbar Energie setzen an eis Biergerinnen a Bierger encouragéieren, selwer propper Energie a Stroum ze produzéieren. De Schäffen- a Gemengerot hu sech deemools bewosst fir d'Zukunft entscheet. Fir dëse Wee richteg unzestoussen, gouf deemools eng besonnesch grousszügeg Hëllef agefouert, nämlech 75 % vun der Staatshëllef fir erneierbar Energien. An et huet funktionéiert: haut produzéieren iwwer 150 Diecher an eiser Gemeng proppere Stroum a bal all nei gebauten Haiser si mat net fossiler Heizung ausgestatt.

Zënterhier huet de Staat seng eege Subventioune staark eropgesat, virun allem Enn 2022 op bis zu 62,5 % vun de Käschten. De Staat iwwerhëlt haut selwer mat nach ëmmer 50% de gréissten Deel vun der Ënnerstëtzung. Mat der staarker Zounam vun den Installatiounen ass eist kommunaalt Engagement op en Niveau geklommen, deen op Dauer net méi am Verhältnis zu de Ressource vun enger Gemeng eiser Gréisst steet. Dofir passe mir eis Hëllef un, fir datt mir jidderee weiderhi laangfristeg ënnerstëtzen kënnen.

### Wat ännert sech?

**Vum 1. August 2026 un geet d'kommunal Hëllef vu 75 % op 25 % vun der Staatshëllef, mat engem Plafond vu 5.000 € pro Installatioun erof. Déi Hëllef bleift weiderhi substantiell an orientéiert sech mat de Nopeschgemengen op engem héije Niveau. D'Konditioun fir den Octroi vun de Subsiden ass eng Baugeneemegung fir déi jeeweileg Installatioun. Dat neit Reglement gëllt fir all Demande fir eng Baugeneemegung déi nom 31. Juli 2026 op der Gemeng deposéiert gouf. Wie seng Demande nach virdrun agereecht huet, behält déi al Konditiounen.**

### Wat heescht dat fir Iech?

Well de Staat haut méi héich Subside bezilt, bleift déi ganz ëffentlech Hëllef (Staat plus Gemeng) weiderhin attraktiv. Kritt e Stot als Beispill fir seng Photovoltaik-Anlag 4.000 € Staatshëllef accordéiert, da leet d'Gemeng 25 % dobäi, also 1.000 € zousätzlech. D'Gemengenhëllef baut weiderhin op déi Staatshëllef op, déi Dir ufrot. Och aner Investitiounen an erneierbar Energie an energeetesch Sanéierunge ginn no der selwechter Reegel ënnerstëtzt.

### Zesummen an d’Zukunft investéieren

Eis Gemeng steet weiderhin hannert der erneierbarer Energie a wëll och an Zukunft weider dran investéieren. Mir ënnerstëtzen dofir weider, mee op eng Manéier déi laangfristeg der Gemeng hire Ressourcen entsprécht. Eng Investitioun an erneierbar Energie bleift finanziell interessant a stäerkt d'Energieonofhängegkeet vun eise Biergerinnen a Bierger an eiser Regioun.

Fir all Fro steet Iech eisen techneschen Déngscht gär zur Verfügung.

De Schäfferot vun der Gemeng Stadbriedemes

**Administration communale de Stadtbredimus**
17, Dicksstrooss L-5451 Stadtbredimus

**Téléphone**
+352 23 69 62-1

**Fax**
+352 23 69 95-21

**E-mail**
secretariat@stadtbredimus.lu